

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Abrëll 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister, den Här Wirtschaftsminister an d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Et ass wichteg, datt eis Betriber an dëser Kris esou vill wéi méiglech gehollef kréien. Déi Hëllef, déi d'Regierung offrëiert, spanen e Netz, dat awer net jiddereen opfänkt. Duerfir sinn d'Geschäftsmodeller an aner Parameteren ze verschidden. Dat gëllt esou wuel fir Betriber, déi ganz nei a besonnesch vulnerabel sinn, mee och fir vill Fräiberuffler. Dofir wëilt ech dës Froen un déi concernéiert Ministere stellen:

1. Ass d'Regierung sech bewusst, datt hir Hëllefprogrammer nach vill Betriber a Fräiberuffler ausschléissen?
2. Huet d'Regierung wëlles, fir hir Hëllefprogrammer ze erweideren, fir méi Entrepen an och d'Fräiberuffler kënne besser ze ënnerstëtzen a, wa jo, wéi wëll si dat maachen?
3. Denkt d'Regierung och, fir méi net-remboursabel Hëllef ze schafen an/oder d'Modalitéite vum Remboursement fir verschidden Hëllef ze flexibiliséieren?

E besonnesche Fall bei allen aneren Härtefall schéngen d'Psychologen an d'Neuropsychologen ze sinn. Si hu kaum oder keng Clienten, obwuel hir Aktivitéit, déi nëmmen an der physescher sozialer Proximitéit méiglech ass, net vum Shutdown betraff ass a si duerfir hire Verdéngschtausfall net kompenséiert kréien. Si kënnen trotz hirer Ausbildung am Beräich psychesch a neurologesch Gesondheet awer och net fir déi staatlech CDD an dësem Beräich postuléieren, well si net vum Gesondheetsministère ofhänken.

4. Gedenkt d'Regierung dës Situatioun nach eng Kéier ze iwwerkucken?
5. Wär et net an dëser Zäit, wou jidder Mënsch mat Ausbildung am Beräich Gesondheet gebraucht gëtt a wou ganz vill Zousproch a psychologesch Betreuung gemaach muss ginn, sënnvoll, hinnen op mannst ze erlaben, dem Staat säin CDD kënnen ze beusprochen, onofhängeg dovun, ob si och nach fräiberufflech schaffen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten